

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/10/2026

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & de Minister fir Energie weiderzeleeden.

Den 9ten Oktober 2026 huet d'Regierung „Mon Guide – 72H d'autonomie“ presentéiert. Dëse Guide soll d'Stéit besser op Krisesituatiounen virbereeden, dorënner och op länger Stroumausfäll. An esou Krisesituatiounen wier et vu grousser Wichtigkeet, dass Leit, déi eng Photovoltaikanlag doheem hunn, bei Stroumausfäll kéinten hir privat Produktiounsanzlag am Haus op de Noutstroumbetrieb ëmstelle kéinten. Déi technesch Usschlussbedéngungen gesi scho Méiglechkeeten vir, fir dëst z'erméiglechen, allerdéngs sinn entsprechend technesch Equipementer néideg, fir den Noutstroumbetrieb an eng sécher Trennung vum öffentliche Netz erméiglechen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froen stellen:

1. Wat müssen d'Leit maachen, fir eng bestehend privat Photovoltaikanlag esou ëmzuerëschten, datt si bei engem Stroumausfall eng Wunneng oder eenzel Stroumkreeser versuerge kann?
2. Wäert d'Regierung eng Reegel aféieren, dass bei neier Photovoltaikanlagen systematesch eng Noutstroumfunktioun mat agebaut gëtt?
3. Wéi eng technesch Voraussetzungen a Méikäscht wiere fir d'Installatioun vun enger Photovoltaikanlag verbonnen, wann ee systematesch Noutstroumfunktiounen géif abauen?
4. Wéi eng bestehend staatlech finanziell Hëllef kënnen aktuell genotzt ginn, wann d'Leit eng Noutstroumversuergung installéieren wëllen?
Falls et keng vun den aktuellen Hëlfeën dofir genotzt ka ginn, wäert d'Regierung heizou ee Subsid op d'Been ze stellen?
Falls nee, firwat net?



Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Deputéierten

